


Wat war, wat ass a soll ginn ...

Datt et einfach, mënschlech, vill manner akademesch, glënnereg an op „Jaddermunnessebeen“ fir eis Sprooch gong a geet, dat kënnen mir beweisen. Elo si mir hei an der KLACK, mat der Nummer 194 an am 20. Joergank.

An der Printpress wéi um Internet dréint et sech kéipweis ëm dat, wat eis Sprooch bei den Ausdréck wéi an den Ausdréckswiese vun aneren, besonnesch dem Däitschen ënnerscheet. Dat huet guer a glat näischt mat enger primitiver Anti-Preiserei ze dinn ... just déi Schell, grad ewéi déi „nationalistesche, normativ a puristesche“ kritt äre Schreiwert dofir ower zënter Joerzénge ugehang. Och ewell fir déi ronn 3 000 kleng Radios-Emissiounen (RTL+DNR) an Honnerte vun Zeitungsartikelcher, an zwar vun 1972 un. Et winnt ee sech ower un alles, gelldir. Et kann ower knapps ee behaupten, zënterhier hätt sech um Gebitt vun eiser Sprooch näischt gemaach, oder? Wa mir do wëllten an d'Eenzelheete vun den **Ursaachen, vun eise „Methoden“ an dem Erfolleg vun deer „pragmatischer ACTIOUN“** goen, déi sech zënter 1971 hiren Numm éierlech verdéngt, da gëtt et eng Rétsch „wéi en 8-Auer-Zuch“, vläicht och Material fir eng vun de sëllegen Diplomaarbechten.

vum Lex Roth



André Faber

De Fong vun eiser „Actioun“ war deen, datt den „Terrain“ fir dat geschriwwent Lëtzebuergesch misst do preparéiert ginn, wou d'Sprooch otemt a leeft. Do ass et nun emol – bei allem Respekt – net mat Literatur a Wëssenschaft gehal, och net mat engem décken Dictionnaire; net mat dréchener Theorie, déi souwisou erëm nëmme fir ... Theoretiker gemaach ass. Eng kleng Sprooch wéi eist Lëtzebuergesch leeft am Vollek, dat se praktizéiert a vrun allem do, wou se normalerweis gebraucht get ... doriwuer muss een sech (vrun allem einfach) Froe stellen: Knapps 10 % vun de Leit liese Bicher ... vun deenen net emol d'Halschent deer lëtzebuergesche. Also muss een **do agräifen, wou e puer Wieder dees geschriwwene Lëtzebuergesch anescht/pragmatischesch kënnen an d'Gewunnecht „eragekniewelt/-geschmuggelt“** ginn. Dat war vru 45 Joer de Fall bei de Familjenannoncen an der Press; dat waren eis Uertschaftsnimm op de Schëlter an duerno am Téléphonsbuch; dat si Menüskarte fir en lesse bei enger Feier gewiescht. Hei hu mir den Hiewel total „onwëssenschaftlech“ ugesat; et sief dann et giff een eis pädagogesch Schniffchen och als eng Zort „Wëssenschaft“ kucken. Mir hunn och e speziell Heft dofir gemaach (dat iwregens 35 000 mol gedréckt guff!), an deem eis Schreifweis verstänneg „fir jidderee verständlech“ gemaach guff ... Haut kennt keen déi Situatioun vun deem Sprooch-Gedabbers vun deemools méi erëm ... iwregens gëtt et och dee „Geck“ net méi, dee vu Super-Intelligenzbéischte mat äis komesche Fanatiker gemaach guff.

Dat Allerschéinst: D'Annoncen, d'Menüen, d'Uertschafts- a Stroosseschëlter ginn elo als **NORMAL gekuckt** ... dat bewosst einfach Gebabbels rondrem eis Sprooch um Radio an Honnerte vu klengen Artikelcher an alle méiglechen Zeitungen hunn déi Actioun, am gudden Sënn „populistesche“, begleet a „populär“ gemaach. Esou Detailler fënnt een ower net a Bachelor-, Master- an Dokteraarbechten erëm; hei spillt onglécklecherweis nëmme héichgebengt Linguistik- a Literatur-Gefändels eng Roll. Dat ass natierlech méi einfach ... mä fir eis Sprooch selwer laanscht den Dill. Bonjour Soziolinguistik a -pädagogik!

An dëser KLACK komme mir och nach op **deen neie „Yuppla“ vun eiser Uni** ze schwätzen: Si hunn dann elo endlech ausser dem „Aneneegräifen / den Interferenzen“ och „Phraseologie“, dat Typescht an den Ausdréck an de Sazstrukture vun Lëtzebuergeschen entdeckt ... dat ass „eises Kotteng“!

Vrun en etleche Joeren hu mir zu eiser fënnel (joerelaang!) e **Buch mat Dausende vu méi oder wéineger „echt“ lëtzebuergeschen Ausdréck** zesummegeraf, opgeschriwwen an erausginn: „EISES“, dat bewosst dacks genuch gedréckt ass, fir nach ëmmer „op Lager“ ze sinn. Et kritt een et an alle Bicherbutteker oder op enger vun eisen Adressen hei uewen am „Impressum“ vun der KLACK.

Phraseologie?

Dobäi geet et ëm Ausdréckswiese vun op d'mannst 2 Wieder, déi „einfach esou“ net kënnen an eng aner Sprooch iwwersat ginn, also „typesch“ sinn. Beispiller gëtt et am Lëtzebuergesche mat den Honnerten. Hei ganz einfach en etlech deer „Stuelen“ (= échantillons):

Ech hunn deem watgliff gesot, him de Wouer geblosen, en op d'Plaz gesat, et fatzeg lafe gelooss – Kuck, dass du verkënns – Maach dech net esou – Maach dech ewech – Déi dech elo un – Deen huet d'Kap hannevir un – Et war mir net hanne wéi vir – Ech gi mech nawell net – Maach dech eng Grimmel noneen – Schnëss net esou séier – Do muss deen Topert de Blouse weisen – Déi houfreg Modi ass ewell schéi maans – Hal dech dach net drun! – Géff dech elo – Hal op – Et geet duer – Dee packt sech net – Dee stëppelt, bis en der e puer erwëscht huet – Ech hu mir eng Fatzeg ginn – Maach virun an hal de Mond – Hie gëtt sech net bis hien déi erëmhuet – Hie gong un, wat gëss de wat hues de – Hal se zou!

Dat maache mir dann elo och fir haut ... kënnen ower „bis an d'dausend“ virufueren ... an hëllef?



Alphabetisatioun op Franséisch?

Deelweis oder ganz hei op Franséisch liesen a schreiwe léieren ... déi Iddi schéngt bei gewësse Leit dorëmmer ze kruwwelen. Eng gutt Fro: Wéi ass et mam Geliicht? Sou eng Kueberei kann nëmme a Käpp dabberen, déi sech nach net weider mat „Psychopädagogik“ wéi gedinn hunn; mat Praxis rosewéineg. „Si“ stäipe sech op Statistiken a fannen, datt mir esouvill Kanner mat net-lëtzebuergeschem Sproochfong an d'Schoul kréien ... datt et net ouni Franséisch Liesen- a Schreiweléiere geet ... mä déi I-Butze sinn dach nach laang net alleguer „francophon“, och net „lusophon“ ... gitt emol z. B. op Wolz froen. Stellt iech deen Duercherneen emol vir!

Mat engem 3-Semester-laangen Ufank iwuer Däitsch-schreiwem an duerno Franséisch dropsetzen, ass hei zënter ronn 150 Joer éierbar gefuer ginn. Gewëss: D'Zäiten hunn sech geännert, deelweis esouguer dramatesch, mä et freet sech, ob d'Eltere vun auslännesche Kanner, am Fall vu Franséischer Alphabetisatioun, alleguer mat deer méi unzufänke wisten; ganz sécher net. Dovu soen d'Statistiken ower näischt.

Eng Saach schéngt kloer: Wann d'Kanner am „Précoce“ an am „Précolaire“ wierklech konsequent (vläicht esouguer „stur“) OP – a besser MAT – Lëtzebuergesch „behandelt“ giffe ginn, da wier dat eng vun de Léisunge fir den **Ausgläich vun hire (jo och!) verschiddene Mammesproochen, de speziellen Aussproochen, den Tonalitéiten, de Betounungen asw.**

Natierlech ass dee ganze Komplex ... ganz komplex. Ze bedauern ass vrun allem d'Léierpersonal: Just dofir soll dee **Problem aus der purer Politik erausgehal** ginn a vun deenen duerchdiskutiert ginn, déi et „eppes ugeet“ an eppes dovu verstinn! Alphabetisatioun ass (op d'mannst hei) keng Saach vu politescher Zermeschtei, vun elektoralem Gefladders, mä vu Leit mat Praxis an Erfahrung a vum Fach, vrun allem vu gesondem Mënscheverstand ... a vill guddem Wëll!

Kropereien

An der Zäit vun eisen Ur-Elteren ass villes net dogewiescht, wat mir haut selbstverständlech fannen, vrun allem „d'Waasser am Haus“ an d'Elektresch ... a „gare“, wann eppes net „geet“! Dobäi war et nach **viru knapps 100 Joer normal, datt d'Leit hirt Waasser aus dem Bur oder dem Pëtz geholl hunn** ... an d'Fraen hu mat hire quetsche-blo-erkaalten Äerm och matzen am Wanter d'Wäsch „um Bur“ misse klappen a schwenken.

E Pëtz beim Haus war e Luxus ... an eng zimlech onheemlech Saach. Mat enger „Dréin“, un deer „gekierpt“ ginn ass, guff d'Waasser a schwéieren Eemere mat engem Krop un engem décke Seel eropgehall ... an duerno den Deckel zougemaach, well ongeféierlech war déi Saach fir d'Kanner net! Mä dee léiwe Virwëtz, gelldir. Do huet nëmme eppes gehollef: **Angscht maachen, fäerten dinn ... mam Kropemann dreeën.** Wéi et schéngt e richtege Lëtzebuerg?; déi Réidener hu recht, datt si dee Grujelpéiter apaart éieren an esouguer mat engem Monumentche feieren. An eiser Sprooch huet de Kropemann eng Plaz, déi wierklech intressant ass: Huel sän Numm; bedenkt dat typescht Wuert „Krop“ oder de „Kreepchen“; kuckt emol, wat een (sech) alles „krope“ kann ... och eng „gekroopt“ ka kréien, „sech eng kropen“, wann een zevill „kropeleg“ schreift, also „kropelt“. Mir brauchen deemno keen „Haken“. Déi „Kroperei“ ass EISES!

„Schreif Lëtzebuergesch“ ...

ass den Titel vun engem ganz intressante Léierbuch vun der Schoulmeeschtesch Nicole MIESCH fir eis Sprooch schréftlech an de Grëff ze kréien. D'Miesche-Famill, dat si Schoulleit, déi dat Pädagogesch an den Oderen hunn, Enseignantën, déi nun emol wëssen, wéi een „engem eppes zerguttst bäibréngt“. Dat Talent huet een ... oder net. De Josy Braun war z. B. keen Akademiker, ni Schoulmeeschter oder Professor, mä bis haut guff et nach knapps eppes Besseres fir en allgemenge lëtzebuergesche Schreifcours wéi sän „Eis Sprooch richteg schreiwem“. Wéi gesot: Et muss een „et hunn“; dat ass net onbedéngt eng Saach vun Diplome wéi eng „Wahlplakat“.

D'Nicole Miesch huet dann elo an hirem neie Buch gewisen, wéi een am „cycle4“/5.+6. Schouljoer praktesch bis an de leschten Eckelche vun eiser Orthographie ka „këddele“ goen, a vrun allem och, wat a wéivill hir Kolleginnen a Kollegen sech kënnen hannert de Spigel stiechen. Do ass esouvill Guddes dran, datt no dësem Wierk ower nach knapps ee knaddere kann. Vläch ass et dees Gudden esouguer fir dësen oder deen zevill ... kee Problem: Hei kann een sech dat erauspicken, wat engem wichteg schéngt. D'Buch ass bei den SNE (Syndicat National des Enseignants)-Editions / CGFP publizéiert. D'Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch seet en décke Merci ... an all Guddes!